

Lëtzebuerg, de 17 August 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch an un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, weiderzeleeden:

*« Am Summer profitéiere vill Leit fir am noen oder méi wäiten Ausland Vakanz ze maachen. Niewent Zuch a Fliger bleift den Auto e beléiften Transportmëttel fir op déi jeeweileg Destinatiounen ze reesen. D'Sécherheet vun de Chauffeuren op de Stroossen bleift domat eng Prioritéit.*

*Laut dem leschten Update um Site vun den Travaux publics, goufen et 2015 eng ronn 150 Nouttelefonen op de Lëtzebuerger Autobunnen. Dës sinn an den 80er Joren agefouert, a säit 2015 duerch nei Modeller an e méi moderne System ersat ginn.*

*An Däitschland sinn d'Uriff, déi vun dese Bornen aus gemaach ginn, iwwert déi lescht Jore frappant erofgaangen. Dëst kéim ënnert anerem dohir, well nei Autoen zanter 2018 obligatoresch mat engem E-Call System mussen ekipéiert sinn. A Frankräich géifen d'Nouttelefonen och lues a lues verschwannen, an defekt Apparater géife net méi ersat ginn. Och an der Belsch hätt ee festgestallt dass d'Uriff vun diesen Telefonen ëmmer manner ginn. An der Wallonie wier fir 2021 esouguer decidéiert ginn, déi sougenannte ‚bornes d'appel d'urgences‘ ganz ofzeschaffen. Allgemeng schéngt et, als géifen d'Nouttelefonen ëmmer méi duerch Handy Applikatioune wéi ‚SOS Autoroutes‘ oder ‚Edwige‘ ersat ginn.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Inneministesch an dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- Wéi vill Nouttelefone ginn et aktuell op de Lëtzebuerger Stroossen?*
- A wat fir enger Frequenz ginn dës Borne kontrolléiert?*


9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07


dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Wat waren d'Käschte vum Ënnerhalt pro Joer säit der Aféierung vun de neie Modeller 2015?*
- *Wéi vill Appeller sinn iwwer déi lescht 15 Joer pro Joer iwwer dës Nouttelefone getüegt ginn?*
- *Wat waren an dëse Fäll d'Haaptgrënn firwat ugeruff ginn ass?*
- *Ginn et Pläng zu Lëtzebuerg de Reseau vun dëse Borne weider auszebauen oder ze moderniséieren? »*

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY  
Deputéierten



Max HAHN  
Deputéierten